HELPERKNAPP
Eng Gemeng mat Aussiicht

Commission de la circulation du 05.10.2022

Ufank 20h00

1. **SIGNATURE DE LA LISTE DE PRÉSENCE**

7/13 membres présents : Jean-Jacques BUTTEL, Patrick EVERARD, José FERNANDES, Manou PETRY, Gilles KLEIN, Patrick KRAEMER, Patrick CINCIS,

5/13 membres excusés: Ben BAUS, BISENIUS Jean-Claude, Marc BUCHLER, Rick EDERT, Serge VAN KAUFENBERGH,

1/13 membres non excusé: Marc HOFFMANN,

Président de la séance: José FERNANDES **Sekretär :** Patrick EVERARD

2. **VALIDATIOUN VUM RAPPORT VUN DER LESCHTER VERSAMMLUNG**

Den Rapport vun der Versammlung vum 03.06.2022 gëtt eestëmmeg ugeholl.

3. **SCHOULTRANSPORT**
   - **WÉI GOUF DEN PROJET SÉCHEREN SCHOULWEE BIS ELO ËMGESAT AN UGEHOL**
   - **WOU SIN NACH BAUSTELLEN**

Am allgemengen huet, no engem holperegen Ufank, den Schülertransport gutt fonctionéiert. Et gin nach e puer Reklamatiounen vun Säiten vun den Schüler / Elteren betreffend der Pünktlechkeet, an et sinn e puer Busser déi net ëmmer eng Begleetpersoun dobäi hunn.

Betreffend dem sécheren Schoulwee gin et nach e puer Plazen wou nach keng Ënnerstänn fir d'Kanner virgesinn sinn. Zu Brouch an der Rue du Village, bei der Kapell ass och keen Trottoir, wou d'Kanner dann iwwert d'Kräizung mussen goen.

Onverständlech ass och d'Situatioun zu Brouch bei der neier rouder Luucht. Dës gouf, an d'Mëtt vum Trottoir installéiert. Gouf et do keng aner Alternativ? Den Passage op béiden Säiten vun der Luucht ass relativ eng.

4. **HUELMES:**
   - **NEIEN BUSARRÊT – RUE DES PRÈS**
   - **BIFURCATION CR113 RUE DU CHÂTEAU**

Op der Kräizung « rue d'Ansembourg » – « rue du Château » - « rue des Près » stin regelméisseg geparkten Autoen virun der Kierch. Den Bus huet soumat gréisser Problemer fir d'Kéier ze kréien. Am beschten wier do een Parkverbuet anzezeechnen.

Zu Huelmes sinn d'Entréeën vun den 30er Zonen nach net alleguer mat den rout-wäissen Markéierungen gezeechent.

5. NEIEN NATIONALEN BUSRESEAU
- MUSSEN NACH OPTIMISÉIERUNGEN AN EISER GEMENG ËNNERHOL GIN?

Der Kommissioun leien keng Reklamatiounen betreffend dem Busreseau fir.

6. VERSCHIDDENES

D'Kommissioun wollt froen fir déi aktuell Daten vun den Radaren ze kréien, fir dass mir déi nach eng kéier kënnen Auswäerten an mat der leschter Lektür kënnen ofgläichen.

Déi nächst Versammlung ass op den 9. Februar 2023 fixéiert.

FIN 22h00